



Kommuniqué:

**Formation fir Formateuren am Lëtzebuergesch:
„Zertifikat Lëtzebuenger Sprooch a Kultur“ (ZLSK)**

2012/2013 huet den „Institut national des langues“ (INL) scho fir déi véierte Kéier d'Formation „Zertifikat Lëtzebuenger Sprooch a Kultur“ (ZLSK) organiséiert. Dës Formation gouf duerch d'Gesetz vum 22. Mee 2009 vum INL geschaf an huet de Formationne fir Enseignant(en) am Lëtzebuergesch, déi schonn zënter fofzég Joer am Haus ugebuede ginn, eng legal Basis an en offiziellen Diplom ginn.

D'Formation setzt sech aus 3 Modulen zesummen: Lëtzebuenger Literatur a Kultur (30 Stonnen), Didaktik vum Lëtzebuergesch als Friemsprooch bei Erwuessenen (60 Stonnen) a Linguistik vum Lëtzebuergesch (30 Stonnen).

D'Absolvente vum ZLSK kréien duerch dës gesetzlech virgeschriwwenen Zertifikat en Agrément, fir Lëtzebuergesch-Coursen an de Gemengen an am conventionéierte Secteur ze halen, woumat si als wichteg Multiplicateur vum der Lëtzebuenger Sprooch a Kultur hiert Wëssen un Net-Lëtzebuenger weider kënnen ginn.

Den ZLSK riicht sech besonnesch un (mammesproochlech) Kandidaten, déi virhunn, spéiderhin d'Lëtzebuergesch och wierklech als Friemsprooch am Beräich vum der Erwuessenebildung z'enseignéieren. Fir Leit, déi virun allem hiert Wëssen am Beräich vum der Lëtzebuenger Sprooch a Kultur erweidere wëllen, ouni awer konkret ze plangen, fir selwer Coursen ze ginn, offréiert den INL op en Neits vum Hierschtsemester 2013/14 un – iwwer reng Sprooch-Coursen eraus – eng Rei Lëtzebuergesch-Coursen, déi engem méi breeden interesséierte Public vu Lëtzebuenger awer och Net-Lëtzebuenger (vun engem Niveau C1 un) e fundéierten Abléck a méi generell Aspekter vum der Lëtzebuenger Sprooch a Kultur ginn an dat ë. a. zu folgenden Sujeten:

- Lëtzebuenger Gesellschaft a Kultur
- Lëtzebuergesch – Geschicht, Grammatik, Phonologie an Idiomatik (Summersemester 2014)
- Lëtzebuergesch Orthographie

Interessente fir déi nächst Formation fir den ZLSK, déi am Oktober 2013 ufänkt, kënnen hir Kandidatur nach bis de 13. September 2013 eraschécken. Genee Informatiounen iwwer d'Aschreiwungen an d'Beschreibung vum den neie Coursë fënnt een ënnert <http://www.insl.lu/Francais/page7/p7frame.htm> (ënnert dem Stéchwuert „formation de formateurs“).

11 Kandidaten hunn am Summersemester 2013 d'Formatioun „Zertifikat Lëtzebuerger Sprooch a Kultur“ (ZLSK) am „Institut national des langues“ (INL) mat Succès ofgeschloss a sinn elo offiziell habilitéiert, Lëtzebuergesch-Coursë fir Erwuessener ze ginn.

BEFFORT Anne
BROERS Myriam
EWERLING Patricia
FASSBINDER Danielle
GASPARD Jean-Marc
KOHN Romain
SCHLEICH Sonny
PETERS Nicole
SANCHEZ Stéphanie
SCHIRTZ Blanche
SCHMITZ Nicolas

